n° 3333

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Educatiounsminister weider ze leeden.

Laut OECD Etüde läit Lëtzebuerg am Ranking op der eischter Platz wat di joerlesch Ausgabe pro Schoulkand ugeet vum Primär bis op d' Uni/ Héichschoul. Lëtzebuerg gëtt all Joers em di 25.000 USD fir d' Bildung pro Schüler aus.

Virun dësem Hannergrond a wëssend datt an de lëschte Joren eng ganz Rei vun neie Gremien an Tâchen am Enseignement geschaaft goufen (instituteurs spécialisés, centres de compétences, etc) wëlle mir folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wéi huet sech de „coût moyen par élève" zënter 2013 bis haut entwéckelt ?
- Wéi huet sech d'Unzuel vun de Schüler a vum Enseignantspersonal am Primaire an am Secondaire fir di selwecht Joren entwéckelt ?
- Wéi gesäit d' Projektioun vu Schüler a Personal fir 2021 aus?

Mat déifstem Respekt,

Jean-Paul Schaaf

Martine Hansen

Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3333 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Jean-Paul Schaaf**

**Ad 1)**

| | **Käschten (an USD) pro Schüler an den ëffentleche Lëtzebuerger*** | |
|---|---|---|
| | **Grondschoulen** | **Lycéeën** |
| **Schouljoer 2019/2020** | Zuelen leien nach net vir | |
| **Schouljoer 2018/2019** | | |
| **Schouljoer 2017/2018** | 19.690 | 22.724 |
| **Schouljoer 2016/2017** | 17.913 | 21.464 |
| **Schouljoer 2015/2016** | 20.892 | 20.413 |
| **Schouljoer 2014/2015** | 21.153 | 21.595 |
| **Schouljoer 2013/2014** | 17.959 | 19.762 |

Quellen: *Bildung auf einen Blick 2016: OECD- Indikatoren; Bildung auf einen Blick 2017: OECD- Indikatoren; Bildung auf einen Blick 2018: OECD- Indikatoren; Bildung auf einen Blick 2019: OECD- Indikatoren; Bildung auf einen Blick 2020: OECD-Indikatoren*

* Gesamtausgaben für Bildungseinrichtungen pro vollzeitäquivalentem Bildungsteilnehmer. In US-Dollar. Direkte Ausgaben in Bildungseinrichtungen

**Ad 2)**

| | **Schülerunzuel an den ëffentleche Lëtzebuerger** | | **Enseignantspersonal an den ëffentlechen Lëtzebuerger** | |
|---|---|---|---|---|
| | **Grondschoulen** | **Lycéeën** | **Grondschoulen** | **Lycéeën** |
| **Previsiounen Schouljoer 2020/2021** | 52.043 | 39.005 | 5.728 | 5.073 |
| **Schouljoer 2019/2020** | 51.003 | 38.330 | 5.542 | 4.914 |
| **Schouljoer 2018/2019** | 50.129 | 37.719 | 5.358 | 4.773 |
| **Schouljoer 2017/2018** | 49.187 | 37.625 | 5.133 | 4.584 |
| **Schouljoer 2016/2017** | 48.376 | 37.508 | 5.138 | 4.570 |
| **Schouljoer 2015/2016** | 47.668 | 37.538 | 5.057 | 4.503 |
| **Schouljoer 2014/2015** | 46.759 | 36.776 | 5.011 | 4.456 |
| **Schouljoer 2013/2014** | 46.289 | 36.830 | 4.996 | 4.408 |

**Ad 3)**

Wéi an den Artikelen 28 bis 33 vum Personalgesetz fir den Enseignement fondamental festgehalen, etabléiert eng Kommissioun vun Experten ee Fënnefjoresplang, mat deem d'Besoinen a puncto Personal am Enseignement fondamental berechent ginn. Heifir ginn ënnerschiddlech Critèrë consideréiert, wéi ënnert anerem d'Unzuel vun de Schüler an déi spezifesch Besoine vun de Gemengen, déi dës am Kader vun der Schoulorganisatioun deklaréieren.

Allerdéngs gëtt sech am Kader vun der Organisatioun fir d'Schouljoer 2021/2022 ënnert anerem op d'Unzuel vun de Schüler baséiert, déi Enn Mäerz an de Lëtzbuerger Grondschoulen ageschriwwe sinn. Eng positiv Upassung vum Contingent am Fall vun enger Augmentatioun vun der Schülerzuel an de Méint Abrëll, Mee a Juni ass Enn Juni virgesinn. Et gëtt sech an dësem Kontext de legalen Dispositiounen entspriechend net reng op Previsiounen, mä virun allem op konkret Zuele verlooss.

Eng änlech Handhabung gëtt am Kader vun der Astellungsprozedur vun den Enseignanten appliziéiert. D'Unzuel vun de Posten, déi fir d'Schouljoer 2021/2022 musse besat ginn, gëtt am Fréijoer 2021 ermëttelt, andeems bei déi zousätzlech Posten, déi am Kader vum Budget accordéiert goufen, d'Posten, déi aus ënnerschiddleche Grënn (Service à temps partiels, Departen an d'Pensioun, Changement d'administration) vakant goufen, derbäigerechent ginn.

Och um Niveau vum Enseignement secondaire kënnt de permanente Comité vun Experten, wéi en an der *loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire* virgesinn ass, zesummen.